



À PARTIR DE 18.106 €
NAVIGATION UCONNECT™ 5" OFFERTE

DEMANDEZ UNE OFFRE

Brexit

Brite wëlle sech mat Brexit-Verhandlungen net presséieren

An der EU fuerderen se e séiere Start vun den Verhandlungen. Op der Insel dogéint wëll ee sech Zäit huelen, bis e Successeur vum Premier fonnt ass.

Leschten Update: 28.06.2016, 06:29:04

E-Mail schécken

Printen

Recommend 15 G+

Links

LINK: Récktrëtt, Warnungen, Aussichten an Opfuerderungen

AUDIO: Extrait Peter Altmaier

AUDIO: De Ben Frin huet mam Anna-Lena Högenauer geschwat.

Themen

International



De briteschen Ausseminister Philipp Hammond © AFP (Archiv)

„De Referendum ass eng intern Affaire“ a Groussbritannien géing sech net zu séiere Brexit-Verhandlungen presséiere loossen, dat sot den **Ausseminister Philipp Hammond** dem Sender ITV. Den Timing hätten alleng d'Brite festzeleeën a soss keen. An d'Gesprécher géifen eréischt lancéiert ginn, wann e Successeur fir den Cameron géing feststoen.

Den Drock op London wüsst ëmmer méi. No den europäeschen Institutiounen an den Ausseminister vun de sechs EU-Grënnerstaaten fuerdert och lo d'**Europäescht Parlament** d'Regierung zu London op, sou séier wéi méiglech d'Austrëttsverhandlungen aus der EU ze entaméieren.


Wéi d'Frankfurter Allgemeine Sonntagszeitung schreift, wëllen déi véier grouss Fraktiounen am Parlament, d'EVP, d'Sozialdemokraten, déi Liberal an déi Gréng, de Premier David Cameron opfuerderen, um Sommet vun den EU-Staats- a Regierungschefen d'nächst Woch en Dënschdeg d'Prozedur ze lancéieren.

Dat wier néideg, fir Kloeerheet ze schafen an d'Integritéit vun der Unioun ze garantéieren. Et ass och den Appel vun deenen eenzelne Fraktiounen, dass all zukünfteg Relatiounen tëscht Groussbritannien an der EU eréischt dann duerfen definéiert ginn, wann d'Austrëttsverhandlungen ofgeschloss sinn.

Internat.: Am meeschte gelies

Haut | Gësch | Dës Woch | Lescht Woch

1. Atatürk-Fluchhafen zu Istanbul: Op d'mannst 36 Doudeger bei Schéisserei an Explosiounen
2. Ceta-Accord: Bettel geet op Konfrontatioun mat Juncker
3. Groussbritannien: David Cameron bereit de Brexit-Referendum net
4. 6 Kanner gestuerwen: IKEA rífft an den USA an a Kanada d'Kammoud "MALM"



Mit der Keytrade Bank, werden Sie zum Star der US Options

[Mehr Infos >](#)



© AFP

Et gesäit net duerno aus, wéi wa London schonn en Dönschdeg um EU Sommet eng Demande fir d'Austrëttsverhandlungen aus der EU wäert stellen. Dat sot de Chef vum **däitsche Kanzleramt** Peter Altmaier de Sonndeg de Moien um Deutschlandfunk. Et géifen nämlech keng Indicien dofir ginn.

Extrait Peter Altmaier

Et gëtt héchstens erwaart, dass den David Cameron op den Ausgang vum Referendum ageet souwéi déi aktuell Situatioun a Groussbritannien beschreift. Dem Artikel 50 vum EU-Vertrag vu Lissabon no, muss déi britesch Regierung nom Referendum der EU offiziell matdeelen, dass d'Land wëll austrieden éier déi definitiv Trennung kann ageleet ginn.

Um Méindeg kënn dat **britescht Parlament** fir d'éischte Kéier nees zesummen fir iwwert d'Suite nom Referendum ze beroden. Nodeems de Premier David Cameron säi Récktrëtt annoncéiert huet, muss lo sou séier wéi méiglech ee Successeur gesicht ginn.

Zu Bréssel iwwerdeems ass et eng Krisesëtzung tëscht der däitscher Kanzlerin Angela Merkel an dem franséische President Hollande souwéi dem italienesche Premier Renzi, wou iwwert d'Konsequenzen no engem Austrëtt vu Groussbritannien aus der EU berode gëtt. Och d'Ausseminister vun Däitschland, Polen, Tschechien, Ungarn an der Slowakei komme beieneen, fir iwwert de Brexit ze diskutéieren.

De Weekend iwwer hat en sech éischer zréckgezunn. **De fréiere Buergermeeschter vu London a Brexit-Supporter Boris Johnson** schreift um Méindeg am "Daily Telegraph", datt Groussbritannien weider vum europäeschen Bannemaart an der fräier Zirkulatioun profitéiere wäert. D'Brite wiere weider an der Lag an der EU ze reesen, ze schaffen, sech Haiser ze kafen a sech néierloossen. Och de fräien Zougang fir en europäesche Bannemaart fir Wueren a Servicer géif net limitéiert. An engems géif Groussbritannien sech, wann och nëmme lues, vun der onmoosseger an onduerchsichteger Gesetzgebung vun der EU befreien. Den Austrëtt, dierft dem Boris Johnson no, och net iwwerstierzt ginn.

Och an der britescher Oppositioun rumouert et. Fénnef Labour-Memberen aus dem sougenannte **Shadow-Cabinet** hunn mëttlerweil schonn aus Protest géint den Labour-Leader Jeremy Corbyn demissionéiert. Dat koom, nodeem de Corbyn an der Nuecht op e Sonndeg ee vu senge schäerfsten innerparteileche Kritiker, den **Shadow-Cabinet**-Ausseminister Hilary Benn vu sengem Amt entbonnen huet. Seng Partei-Kollegen hunn him reprochéiert, sech während der Campagne net genuch fir d'EU staark gemaach ze hunn. A seng Kritiker bezweifelen, dass hie bei méiglechen Neiwahle als Zuchpäerd net gutt genuch fir d'Labour-Partei wäert sinn.

De sougenannte Shadow-Cabinet, mat senge "**Ministeren**", ass an der britescher Politik déi oppositionell d'Géigekraft géintiwwer dem Parlament an de Minister. Verschidde Deputéiert, aus der Oppositiounspartei (2

Partei-System), huelen d'Funktiounen vu Shadow-Ministèren un, si schaffen also präzis un de selwechten Dossieren, wéi déi offiziell agesate Minister. Sou bearbecht de Shadow-Gesondheetsminister z.B. déi selwecht Dossieren, wéi de Gesondheetsminister. Doduerch ass d'Oppositioun an all Dossier dran a kann esou d'Parlament an d'Regierung besser kritiséieren an en alternativ Programm presentéieren.

[LINK: Récktrëtt, Warnungen, Aussichten an Opfuerderungen](#)

Nom favorable Vote fir ee Brexit fiert den US-Ausseminister **John Kerry** e Méindeg op Bréissel an op London. Dat gouf aus engem Entourage bekannt. Um Sonndeg kënnt den amerikaneschen Diplomatiechef zu Roum mam italeschen Ausseminister Paolo Gentiloni an dem israelesche Premier Benjamin Netanjahu zesummen. Um Programm e Méindeg steet eng Entrevue mat der EU-Aussebeoptragten Federica Mogherini.

Och a **China** gëtt sech Gedanken iwwert den Austrëtt vu Groussbritannien aus der EU gemaach. De chinesesche Premier Li Keqiang sot am Kader vum Weltwirtschaftsforum zu Tianjin, dass de Brexit d'Onsécherheete verstärkt, wat eng Relance vun der Weltwirtschaft betrëfft. Et misst en d'Erausfuerderungen lo zesummen ugoen an een stabilt Internationaalt Ëmfeld schaffen, sou de chinesesche Premier. Europa wier ee wichtege Partner fir China. Et wéilt een dann och d'Relatiounen mat der Europäescher Unioun souwéi Groussbritannien weider ausbauen.

Dat **britescht Pond** stoung e Méindeg de Moien am asiateschen Handel op en neits ënner Drock. E Pond huet ze lescht 1,34 Dollar kascht. Dat ass just eng Grëtz méi wéi e Freideg de Moien. An Zäit vun nëmmen e puer Stonne war d'Pond nom iwwerraschende Referendumsresultat deen Dag op den déifsten Niveau zanter 31 Joer gefall.

Et féiert politesch gesi kee Wee laanscht de Brexit. An och fir d'Décisioun op déi laang Bänk ze drécken dierft fir d'Briten kaum klappen. Dat seet d'Politikwëssenschaftlerin Anna-Lena Högenauer vun der Uni Lëtzebuerg.

De Ben Frin huet mam Anna-Lena Högenauer geschwat.

RTL.lu

Lëtzebuerg
International
Meenung
Sport
Trafic
Meteo
Kultur
Life & Style
Auto
Fotoen
Service
Post

Radio

Lauschten
Programm
Emissiounen
Musek
Fotoen
Informatiounen


Télé

Livestream
Programm
Emissiounen
Fotoen
Maacht mat
Informatiounen

5minutes.lu

LA UNE
GRANDE RÉGION
MONDE
5MINUTEZ-VOUS
CULTURE
SPORT
5MINUTES PLUS
DÉCOUVERTES

Espace publicitaire

 Vous souhaitez faire de la publicité sur RTL.lu ? Prenez contact directement avec notre régie publicitaire
IPLuxembourg

Follow us



RTL

[Feedback](#) | [Conditions d'utilisations](#) | [Privacy](#) | [Conditions d'utilisation : Commentaires / Lieserbréiwer](#)

